N°2077
Entrée le 02.04.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Recherche
et de l'Enseignement supérieur

La Ministre

**Äntwert vun der Madamm Minister fir Fuerschung an Héichschoul op d'parlamentaresch Fro n°2077 vum 12. Mäerz 2025 vun den honorabelen Deputéierte Gérard Schockmel a Barbara Agostino**

Eis Fuerschungslandschaft zu Lëtzebuerg ass ganz international ausgeriicht, an d'Attraktioun vun internationalen Talenter an der Fuerschung ass eng strategesch Prioritéit. An deem Kontext hu mir eis eng Rei Instrumenter ginn, fir international Fuerscher, onofhängeg vum Land wou si hierkommen, unzezéien an ze integréieren.

Ervirzesträichen sinn hei an éischter Linn d'Programmer PEARL an ATTRACT vum nationale Fuerschungsfong FNR. PEARL huet zum Zil, etabléiert international Fuerscher a strategesch wichtege Fuerschungberäicher unzezéien, wärend ATTRACT viséiert, villverspriechend jonk Fuerscher op Lëtzebuerg ze zéien, fir hei eng Fuerschungsekipp opzebauen. Béid Instrumenter riichte sech u Fuerscher an de Beräicher vun de strategesche Fuerschungsprioritéiten, déi d'Regierung am Kader vun der nationaler Fuerschungs- an Innovatiounsstrategie definéiert huet an déi, wéi vum Regierungsprogramm virgesinn, reegelméisseg wäerten aktualiséiert gi fir neien Entwécklunge Rechnung ze droen.

Béid Instrumenter sinn 2024 extern evaluéiert ginn, an d'Resultater vun dëser Evaluatioun hu gewisen, dass et sech ëm wichteg Outilen handelt fir de Lëtzebuerger Fuerschungsekosystem geziilt ze stäerken. D'Regierung wäert dës Instrumenter mat punktuellen Upassungen an Zukunft weiderféieren.

Mat *Research Luxembourg* hunn eis ëffentlech Fuerschunginstitutiounen eng Plattform fir sech zesummen international ze promouvéieren. De Fuerschungs- an Héichschoulministère schafft zudeem aktiv am interministerielle Kommitee fir *Talent attraction* mat, wou am Kader vun de lafenden Initiativen, notamment der Ausschaffung vun engem nationale Portal fir d'Attraktioun vun Talenter, och de Volet vun der Fuerschung mat afléisst.

Generell wëll Lëtzebuerg sech als oppenen an attraktive Fuerschungsstanduert positionéieren an Talenter aus der ganzer Welt, och aus de Vereenegte Staaten, unzéien fir d'Diversitéit an d'Qualitéit vun eiser Fuerschunglandschaft ze stäerken, ouni eng cibléiert Strategie ze verfollege fir Fuerschungskompetenzen aus engem spezifesche Land ofzezéien.

Lëtzebuerg, den 2. Abrëll 2025

D'Ministesch fir Fuerschung an Héichschoul

(s.) Stéphanie OBERTIN